N°1284
Entrée le 03.10.2024
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 04.10.2024
Chambre des Députés

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 03/10/2024

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Mobilitéit an Ëffentlech Aarbechten weiderzeleeden.**

Virun zwou Wochen huet d'Zuchstreck tëscht Esch a Beetebuerg misste gespaart ginn, well eng Fënster vun der Foussgängerbréck iwwert der Schefflenger Gare op d'Gleiser gefall ass.

Souwuel d'CFL, wéi och d'Schëfflenger Gemeng goufe Méint virdrun iwwert déi lasse Fënster informéiert, mee déi Verantwortlech waren sech net eens, wien hei zoustänneg ass a schlussendlech gouf einfach ofgewaart an näischt ënnerholl, wat zu engem Tëschefall gefouert huet, deen hätt kéinte verhënnert ginn.

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch dës Froe stellen:

1. Wien ass am Fall vun der Schëfflenger Passerell zoustänneg fir den Ënnerhalt, d'Reparaturen an d'Erhale vun der Sécherheet vum Material: d'CFL oder d'Gemeng?

2. Kann d'Ministesch erklären, ob d'Reegel an alle Gemengen hei am Land déi nämmlecht ass, wat den Entretien vu Passerellen betrefft?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten